Rotary
Bascharage-Kordall

.....

Président : **Jerry MOSAR**	Secrétaire : **Patrick MOUSEL**	Trésorier : **Claude SCHREIBER**	Protocole : **Claude BINDELS**
Remise de charte: 07.11.1998	**Réunion:** semaines impaires: mercredi 12h15 semaines paires : jeudi 19h15	**Contact:** rcbascharagekordall@gmail.com	
Adresse: Hotel Restaurant "Threeland" 50, rue Pierre Hamer, L-4737 Pétange Tél.: 2650-800 **Email:** threeland@pt.lu **Club parrain:** RC Esch-Bassin Minier **Clubs contact:** RC Trier-Porta et RC Thionville-Porte de France			
Rapport hebdomadaire	**Réunion du 14.06.2019**	**N° 19-20 - 01**	

Léif Frënn,

Mir hunn eis zu Hamm beim Namur getraff fir d'Passation de Pouvoir.

Wéi gewinnt huet eise Protokollchef Claude Bindels eis Gäscht an Éieregäscht virgestallt an duerno mat enger humorvoller Einlag ofgeschloss.

De Romain Poos seet senger ganzer Equipe villmools merci fir dat flott Joer wat mir ënner senger Présidence erlieft hunn an wënscht dem Jerry Mosar bonne chance fir säin Joer. Duerno iwwerreecht hien dem Jerry den collier vum President.

De Jerry seet dem Romain an senger Equipe nach eng Kéier e grousse Merci fir dat fantastescht Joer an éiert de Romain mat engem PHF. Hien iwwerreecht duerno dem Karin Poos an dem Nadine Colas e Cadeau fir hir Gedold an engem chargéierten Joer.

De Jerry ass an senger Usprooch schnell zur Konklusioun komm dass seng Presidentschaft e Fall ass den ze verteidigen ass well hien un den Rotary gleeft mat senger Missioun "servir d'abord".

Hien ënnersträicht dass am Rotary jiddwereen säin Beitrag soll leeschten an zitéiert de President Barry Rassin vum Rotary International "By working together, we open unlimited potential".
De Jerry wëll all déi Aktiounen déi Succès haten weiderféieren an hien wëllt och eegen Akzenter setzen am Beräich vun der Educatioun an der Recherche.
Zum Schluss seet hien dem Raymond Martin an dem Emmel Frantzen merci fir hir Ënnerstëtzung am Rotary. Hien wënscht sech dass jiddwereen matmécht an hien ass fir jiddwereen uspriechbar.

Den incoming President vun Trier-Porta Bruno Isstas invitéiert eis an senger Usprooch op d'Ämterübergabe vun Tréier den 24. Juni, den Terrassenmeeting den 29. Juli, d'Olewiger Weinfest den 5. August an d'Presidentenrees den 6. September. Hien wënscht dem Jerry vill Erfolleg an eng gutt Partnerschaft mat Tréier.

Rotary
Bascharage-Kordall

.....

Président : **Jerry MOSAR**	Secrétaire : **Patrick MOUSEL**	Trésorier : **Claude SCHREIBER**	Protocole : **Claude BINDELS**
Remise de charte: 07.11.1998	**Réunion:** semaines impaires: mercredi 12h15 semaines paires : jeudi 19h15	**Contact:** rcbascharagekordall@gmail.com	
Adresse: Hotel Restaurant ''Threeland'' 50, rue Pierre Hamer, L-4737 Pétange Tél.: 2650-800 **Email:** threeland@pt.lu **Club parrain:** RC Esch-Bassin Minier **Clubs contact:** RC Trier-Porta et RC Thionville-Porte de France			
Rapport hebdomadaire	**Réunion du 14.06.2019**	**N° 19-20 - 01**	

De President vu Lehbach-Wadern Edgar Schöpf félicitéiert dem Romain fir säin Joer an dem Claude Bindels fir seng lëschteg Virträg. Hien iwwerreescht dem Jerry Mosar eng Rei Cadeauen fir dat hien seng Presidentschaft gutt iwwersteet.

No dem offiziellen Deel gouf et ganz gutt ze iessen an den Owend ass a frëndschaftlecher Atmosphär zu Enn gaangen.